



De Weltscout Ëmweltprogramm

De Weltscout Ëmweltprogramm (WSEP) offrëiert Methoden, Ressourcen an Initiativë fir dass d'Scoute ronderëm d'Welt zesummen un enger verbesserter Natur an Ëmwelt, (lokal a global), schaffe kennen.

Wat sinn d'Ziler?

Dass d'Guiden a Scouten zesumme fir eng Welt schaffen an där:

1. d'Leit an déi natierlech Systemer proppert Waasser an eng propper Loft zu Verfügung hunn. (Proppert **Waasser a Loft**)
2. genuch natierlecht Ëmfält existéiert als Liewensfläch fir déi lokal Flora a Fauna (**Eng Plaz fir all Planz an Déier**)
3. d'Unzuel un schiedleche Substanze fir de Mënsch an d'Ëmwelt minimiséiert ginn (**Geforen duerch Gëftstoffer**)
4. déi als Beschtt gëeegent Ëmweltpraktiken Uwendung fannen (**Ökologesch Praktiken**)
5. d'Leit virbereet sinn op eng eventuell Naturkatastroph an d'Ëmweltrisiken (**Naturkatastrophen an Ëmweltrisiken**)

De Kader vum Weltscout Ëmweltprogramm an seng Badgë baséieren op de Prinzipien an den Ziler vum Scoutismus am Kader vun der Ëmwelterzéiung, eppes wat dem B.P. schon um Häerz loung. De Weltscout Ëmweltbadge steet all Guide a Scout vun all Alter zur Dispositioun an huert als Ziel fir d'Opmierksamkeet an perséinlech Responsabilitéit vis-à-vis vun der Ëmwelt vun de Guiden a Scouten auszubauen.

De Badge soll d'Guiden a Scouten encouragéiere fir sech mat der Ëmwelt ze verbannen, nozedenken ewéi mir besser mat, a méi am Sënn vun der Ëmwelt agéiere kennen a konkret Aktiounen starte fir se ze schützen.

Method

Ee flotten a virun allem flexibele Programm dee fir Guiden a Scoute vun all Alter eng Unzuel u flotten an interaktiven Aktivitéiten ubitt fir iwwert d'Ëmwelt ze léieren, Aktiounen ze huelen an herno mat der Remise vum "Weltscout Ëmweltbadge" ausgezechent gëtt. Dës Aktivitéite kenne fräi vun der Chefkipp (oder der Trupp/Clan) am Kader vum Programm ausgeschafft ginn oder aus der Lëscht vu de fäerdegem Aktivitéiten erausgesicht ginn.





De Welscout Ëmweltprogramm bei den LGS

De Verband vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten huet mam Welscoutsverband (WOSM) een Konventioun ënnerschriwwen fir dass all d'Membere vun den LGS um Welscout Ëmweltprogramm deelhuele kennen an dass mir als LGS d'Welscout Ëmweltbadge un eis Membere verdeele kennen déi aktiv an der Branche um Programm am Kader vun der Ëmwelterzéiung deelgeholl hunn.

De Programm riicht sech virun allem un d'Branchë Wëllefcher bis CaraPio, kann awer ouni weideres, no Upassung vun der Chefkipp, och bei Biber an RaRo ugewannt ginn:

Et gi weltwäit déi selwecht dräi Badgen, esou ass de Badge eng weltwäit Unerkennung, an een Zeeche vu Progressioun duerch d'ganz Guide- a Scoutscarrière:

- | | | |
|---------------------------------|---|----------------------|
| 1. Ëmweltbadge mat bloem Rand | = | (Biber a) Wëllefcher |
| 2. Ëmweltbadge mat gréngem Rand | = | AvEx |
| 3. Ëmweltbadge mat moofem Rand | = | CaraPio (a RaRo) |



Ausserdeem gëtt et fir den Ëmweltbadge mat moofem Rand (CaraPio a RaRo) op Ufro beim SAFAB een Diplom deen déi gutt Aarbecht a de Projet am Ëmweltberäich mat der Ënnerschrëft vum Commissaire Générale beglaubegt. Wat interessant ass als Annexe fir un den CV.

Fir all déi dräi Altersgruppe vum Programm ginn et natierlech altersgerëscht Critèren an Aktivitéitsoploen. Déi Guide oder dee Scout dee Critèren erfëllt huet, also bei genuch Aktivitéiten derbäi war, kritt herno säi Welscout Ëmweltbadge als Auszeechnung fir op seng Uniform, dese gëtt op déi rietsen Aarm ënnert d'Fleurs de Lys an d'Kléibblatt gebitzt.

Zäitraum an Ëmsetzung

De Welscout Ëmweltprogramm ass net eng kuerzfristeg Aktioun mä soll de normale Programm mat Aktivitéiten am Kader vun der Natur an Ëmwelt ënnerstëtzen an ausbauen. D'Chefmaîtrise déi sech entscheet



dëse flotten an aktive Programm hire Memberen unzëbitten, sollen op regelméissegger Basis Versammlungen, Sortien oder Weekender mat Aktivitéiten am Kader vum Weltscout Ëmweltprogramm am Beräich "Erliewen an Nodenken" an organiséieren (z.B. 1-2x am Trimester)

Ausserdeem soll ee Mol am Joer ee Komet, Expeditioun oder Entreprise mam Thema Ëmwelt gestart ginn, déi an d'Rubrik "Aktiv Hëllefën" vum Programm passt. Esou dass de Member am Kader vu sengem Zäit an der Branche den Ëmweltbadge och ka kréien.

Programm

De Programm besteet aus zwee Deeler, "Erliewen a Nodenken" an "Aktiv Hëllefën".

1. Erliewen a Nodenken:

Bei dësen Aktivitéite geet et virun allem drëm d'Natur ze verstoen, d'Problemer vun der Verschmutzung méi nozebréngen an iewer Léisungen nozedenken. Mir beweegen eis hei ganz kloer am Kader vun der Ëmwelterzéiung, eppes wat de facto soll vum LGS Programm gehéieren. D'Maîtrise kann hei fäerdeg Aktivitéiten aus der Lëscht huelen an wann néideg iwwersetzen (d'Programmfiichë sinn op Franséisch) oder eegen Aktivitéiten organiséiert. An dësem Kader kann dëst a Form vun Naturerfahrungsspiller, Ëmweltrallyen, Visiten an e Naturmusée oder Naturpark, eng Visite vun engem Waasserwierk oder Recyclingsanlagen, eng Diskussiounsrönn oder Veillée zum Thema sinn. Et sief och bemierk dass den SAFAB um Neihaischen regelméisseg Naturerfahrungsaktivitéiten ubitt an dass am DZ eng Réi Spillkëschten an Bicher zum Thema zur Verfügung stinn. Ausserdeem kann een mat lokalen oder nationalen Naturschutzverbänn zesumme schaffen. Wichtig ass virun allem dass am Virfeld festgeluecht gëtt zu wat fir engem vun den fënnef Zieler d'Aktivitéit soll bäisteieren.

2. Aktiv Hëllefën:

Hei geet et drëms fir zesummen eng Aktivitéit auszeschaffen an auszuféieren déi am Kader vun engem Komet, Expeditioun oder Entreprise iwwert méi ewéi eng Versammlung leeft. Et geet dreems konkret eppes fir d'Ëmwelt ze maachen. Beispiller kennen eng Botzaktioun mat den Wëllefcher fir d'Gemeng oder enger Ëmweltorganisatioun sinn, op engem WE oder Auslandscomp een „Chantier Nature“ (Natur B.A.) ze starte wou een der lokaler Gemeng eng Faveur mëscht, Opklärung an der Gemeng ze maachen, säin Home méi Ëmweltgerecht ëmzebauen, etc. Wichtig ass hei och dass herno eng Evaluatioun gemaach gëtt (kuck och bei Progressioun). Et geet hei net drëms fir d'Welt ze rette mä een klengen Deel zur Verbesserung bäizedroen an eise Memberen eng gesont Relatioun zur Natur ze vermëttelen.





Dës solle via d'Fiche "**WSEP - Aktiv Hëllef**" am Virfeld ugemellt gin an ee kleng Rapport (an engem Dokument) dono ausgefëllt ginn, flott Aktivitéite kennen och am Knuet publizéiert ginn (also Fotoe maachen)

Progressioun

D'Chef kënnen de Programm flexibel benotzen, et soll awer vun engem op den nächste Badge en Progressioun entstoen déi vun de kleng Problemer a Léisungen doheem zu engem méi globalen a vernetzen Denken an Handele féiere soll.

Bei "Erliewen an Nodenken"

(Biber a) Wëllefcher	AvEx	CaraPio (a RaRo)
Entdecken a Verstoen	Verstoen an Erklären	Erklären a Beweisen
Lokal Problematik	Lokal Problematik am Globale Kontext	Global Problematik

Bei Aktiv Hëllef

(Biber a) Wëllefcher	AvEx	CaraPio (a RaRo)
Eng Hand mat upaken	En Charge iwwerhuelen a mat upaken	Mat organiséieren a mat upaken
Dat direkt Notze vun der Aktioun op d'Platz evaluéieren	Direkt lokaalt Notzen evaluéieren an an en globale Kader setze kënnen	Notze vun der Aktioun am Globale Kader kennen evaluéieren

Suivi

Ier een Grupp oder eng Branche vun engem Grupp beim Weltscout Ëmweltprogramm mat mëscht sollen si virdrun d'Fiche "**WSEP - Umellung**" ausfëllen an an d'Zentral un den SAFAB schécken.

Bei den "Aktiv Hëllef" läit d'Responsabilitéit beim Chef fir d'Aktivitéiten am Kader vum Programm auszeféieren. No der Aktivitéit soll d'Fiche "**WSEP - Suivi**" ausgefëllt ginn, au Choix kann d'Branche och den Membere "Ëmweltbadge Kaarten" (SAFAB - mat der Umellung) ausdeelen an drop ënnerschreiw wann eng Aktivitéit eriwwer ass.

D'Aktioun am Kader vun "Aktiv Hëllef" gëtt mat enger Fiche "**WESP - Aktiv Hëllef**" beim Verband ugemellt, dono gëtt den Rapport un de Verband vermailt. De Numm vun der Aktivitéit kennt op d'Ëmweltbadgedkaart, fir déi di se benotze wëllen.

Badgë ginn et op Demande beim SAFAB (Zentral) nodeems een oder e pur Member vun engem Grupp seng Aktivitéiten no den Critèrë vum Weltscout Ëmweltbadge bei den LGS erfëllt huet. Fiche "**WSEP - Badge**"

Kontakt / Froen: wsep@lgs.lu

Internet: lgs.lu





Critèrë fir den Weltscout Ëmweltbadge:

<11 Joer - (Biber a) Wëllefcher

1. Erliewen a Nodenken

Hei soll de Biber oder Wëllefchen un op mannst

1 Sortie an 3 Versammlungen

deelgeholl hunn an dëst zu op mannst 3 verschiddenen

Themen aus den 5 Zieler vum Weltscout Ëmweltprogramm

2. Aktiv Hëllef

Ausserdeem soll de Biber oder Wëllefchen un engem Naturchantier oder engem Naturschutzprojet an der Familien oder dem Ruddel deelgeholl hunn, a mat bei der Evaluatioun (Bilan) derbäi gewiescht sinn.

11 bis 14 Joer - AvEx

1. Erliewen a Nodenken

Hei soll den AvEx un op mannst

1 WE (oder 2 Sortien) an 3 Versammlungen

deelgeholl hunn an dëst zu op mannst 3 verschiddenen

Themen aus den 5 Zieler vum Weltscout Ëmweltprogramm

2. Aktiv Hëllef

Ausserdeem soll den AvEx un engem Naturchantier oder engem Naturschutzprojet an der Trupp deelgeholl hunn, bei der Virbereedung als Persoun oder an der Patrull eng kleng Charge iwwerholl hunn a bei der Evaluatioun (Bilan) derbäi gewiescht sinn.

>15 Joer - CaraPio (a RaRo)

1. Erliewen a Nodenken

Hei soll den CaraPio oder RaRo un op mannst

1 WE (oder 2 Sortien) an 3 Versammlungen

deelgeholl hunn an dëst zu op mannst 3 verschiddenen

Themen aus den 5 Zieler vum Weltscout Ëmweltprogramm

2. Aktiv Hëllef

Ausserdeem soll de CaraPio oder RaRo un engem Naturchantier oder engem Naturschutzprojet an der Trupp/Clan deelgeholl hunn, bei der Virbereedung eng Charge iwwerholl hunn, a bei der Evaluatioun (Bilan) derbäi gewiescht sinn.

